# D'Kultur kritt en eegene Ministère

## D'Staatssekretärin gëtt Ministesch

Jean-Claude Majerus

Am Juni goung Lëtzebuerg wielen, de Wieler huet säi Verdict ginn, déi eng si besser, déi aner méi schlecht gewielt ginn.

Et muss awer weidergoen, an no just e puer Woche Koalitiounsgespréicher si sech CSV an LSAP eens ginn, fir an den nächste 5 Joer, Säit u Säit, Hand an Hand, dëst Land ze regéieren.

Déi nei Regierung steet, se gouf scho vum Grand-Duc Henri vereedegt, an déi al a nei Ministere si schonn am gaangen ze schaffen.

Spannend war natierlech, wie wéi ee Ministère kritt. Wien nach aus der leschter Legislatur derbäi ass a wien nei an d'Regierungsschéff kënnt.

Elo wësse mer, och an der Kultur huet d'Gesiicht net changéiert, d'Chefin op Nummer 20 an der Montée de la Pétrusse bleift d'Octavie Modert, mä aus der Staatsekretärin gouf eng Ministesch.

Nieft dem Numm vun deem neien oder der neier Chefin am Kulturministère war et natierlech och spannend, wéi eng Konstellatioun de Kulturministère kréisch: sollt de Kulturministère zesumme mat der Héichschoul an der Recherche bleiwen, wouriwwer d'Leit gedeelter Meenung sinn, op et sënnvoll ass oder net, oder sollt d'Kultur, esou verschidde Rumeuren, zesumme mam Tourismus an ee Ministère geluecht ginn?

Een Ament goufen et och Couloirsgespréicher, datt de Kulturministère kéint bei d'LSAP eriwwer goen, wat interessant gewiescht wär, d'Sozialisten hätte weise kënnen, wéi si sech kulturpolitesch entwéckelt hunn, oder och net! Well fréier oder spéider kënnt den Ament, wou et net méi glafwierdeg ass, wa sech sozialistesch Politiker an Interviewen nach ëmmer op de fréiere Kulturminister Robert Krieps beruffen.

Dësen huet ouni Zweiwel grouss Mériten, dat ass ganz kloer, seng aktiv kulturpolitesch Zäit läit awer schonn etlech Joren zréck, an ech hoffen, datt d'LSAP sech kulturpolitesch weider entwéckelt huet an net stoe bliwwen ass.

D'Léisung, déi déi zweet Juncker-Asselborn-Regierung presentéiert huet, huet e symbolesche Charakter, well d'Kultur e Ministère fir sech eleng ginn ass, mat enger Kulturministesch. Dëst kann e wichtegt Zeechen iwwert de Stellewäert vun der Kultur an der politeschen Arena sinn, an ech betounen, ka sinn.

Well iwwert de Stellewäert vun der Kultur am Kader vun der Lëtzebuerger Regierungpolitik konnt ee sech an der leschter Legislatur Froe stellen, besonnech nodeems de Premier Jean-Claude Juncker quasi offiziell den attitréierte Kulturminister François Biltgen aus dem Kulturministère ofgezunn huet, an déi ganz Responsabilitéit op d'Schëlleren vun der deemoleger Staatsekretärin Octavie Modert geluecht huet.

**D'Léisung, déi déi zweet Juncker-Asselborn-Regierung presentéiert huet, huet e symbolesche Charakter, well d'Kultur e Ministère fir sech eleng ginn ass, mat enger Kulturministesch.**

Eng Demarche, déi net extrem gutt ukomm ass, déi net richteg ze verstoe war, ausser wann een dovunner ausgeet, datt d'Kultur am politesche Sënn éischter eppes wéi dat 5. Rad um Won ass.

Mä de Jean-Claude Juncker betount jo ëmmer nees gären, datt Kultur a Kulturpolitik fir hien eng grouss Bedeitung huet, mä meng Zweiwele bleiwen awer.

Op alle Fall kann d'Octavie Modert elo genee do weiderfueren, wou si virum 7. Juni stoung.

D'Octavie Modert hat sécher an hirer éischter Legislatur als Regierungsmember net deen einfachste Stand, ufanks war d'Kritik grouss, och

*De Jean-Claude Majerus ass Kulturredakter beim radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

aus der Kulturzeen. Et hat een d'Impressioun, wéi wann d'Kulturzeen der Staatssekretärin keng Chance wéilt ginn, mä si huet duergehalen a sech duerchgebass.

Am Laf vun de leschte 5 Joer huet d'Octavie Modert eng positiv Entwécklung erlieft, si huet sech hir Plaz an der Kulturpolitik an an der Kultur erschafft.

An och éischter précaire Dossiere fäert déi nei Kulturministesch net. E Beispill ass déi bal „Never Ending Story" vum Festungsmusée, wou si den Ament dropschafft, besonnesch nom Rapport vun der Cour des comptes.

Ënnert hir gouf ë.a. och en neien Direkter vum Service des sites et monuments nationaux genannt.

D'Octavie Modert wollt, wéi een emol héieren huet, d'Kultur net méi als Ministère, mä et ass awer richteg, datt si elo weider fiert.

Mä wéi geet et an der Kultur weider?

Et hänkt vun de Reperkussioune vun der Wirtschaftkris of, wéi et viru geet, kloer ass, datt gespuert muss ginn, mä wann ech gelift, wa gespuert muss ginn, dann an all Beräich d'selwecht, net datt herno an der Kultur gekierzt gëtt zu Gonschte vun anere Ministèren, datt wär dee falsche Wee, an et wär e falscht Signal. Schliesslech huet praktesch all politescht Mouvement an Interviewe virun de Wahle versprach, datt Kultur wichteg ass, och a Krisenzäiten.

Maja da si mer gespaant, wat an den nächste Méint a Joren geschitt, besonnesch wat d'Envergure vum Kulturportemonni an den nächste Staatsbudgeten ugeet. ◆

*Kulturchronik vum 28.7.2009*

forum

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:..........................................................................

Vorname:......................................................................

Adresse:.......................................................................

.....................................................................................

Tel.:................................. E-Mail:.....................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
1, rue Mohrfels
L-2158 Luxembourg
Tel.: + 352 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu

**forum**

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Kyra Fischbach, Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Jean Feyder, Kyra Fischbach, Anne Franziskus, Marc Keup, Harlan Koff, Carmen Maganda, Benoît Majerus, Jean-Claude Majerus, Mike Mathias, Dietmar Mirkes, Rolf Parr, Michel Pauly, Guy Schuller, Raymond Weber, Tobias Wildner.

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Richard Graf, Marie-Josée Jacobs

**Originalillustrationen**
Olivier John, Carlo Schmitz

**Cover** © Jim Urbain

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2009 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**
Einzelheft..........................................6 Euro
Jahresabonnement...........................50 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....62 Euro
Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements...................38 Euro
Jahresabonnement im Ausland........62 Euro

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture für die finanzielle Unterstützung.

**1, rue Mohrfels**
**L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**